



lutt d'accord sinn, datt mer dat doten och nach eng Kéier am Detail analyséieren nom Of-schloss vun dësem Schouljoer. A geegene-falls, falls sech sollt erausstellen, datt e Besoin ass, dann och drop reagéieren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Educationminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir komme lo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7590. Den Text steet am Document parlementaire 7590³.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7590 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänkt un.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Enthaltungen ugehooll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da komme mer zur Motioun, déi vun der Madamm Hansen agereecht ginn ass. Wëllt nach een eppes dozou soen? Den Här Gilles Baum.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Ech wollt e kuerzt Wuert zur Motioun soen, déi effektiv fondéiert ass, déi an hire Consideranten effektiv eng Situatioun zréckspigelt, wéi mer se kennen. Et ass gesot ginn, dass effektiv déi Kanner, déi scho vläicht méi Schwierigkeeten an der Schoul haten, lo duerch den Homeschooling warscheinlech net bevirdeelegt gi sinn, mee beno-deelegt gi sinn.

Dofir mengen ech, dass mer opgrond vun all deene Leit, déi mer awer elo agestallt hunn, och fir d'B-Gruppen ze assuréieren - dat sinn der ganz vill a mir wäerten d'nächst Woch dor-iwwer schwätzen -, d'Méiglechkeete vläicht sollten ausloten, fir an de Gemengen effektiv iwwert d'Grouss Vakanzen en Angebot unzëbiden, en concertation mam Léierpersonal, fir effektiv virun der Rentrée kënne grad deene Schwächsten e Coup de pouce ze ginn, fir an-stänneg kënne ze starten an dat neit Schouljoer.

Merci fir déi Motioun, déi mer matstëmmen. Ech géif de Kollege vun der Majoritéit un d'Häerz leeën, wannechgelift och d'Motioun hei matzedroen.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Da maache mir dat!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Den Här Kartheiser huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo. Villmools merci, Här President. An och merci der Madamm Hansen an deenen anere Kollegen,

déi se mat ënnerschriwwen hunn, fir dës Motioun. Mir hunn déi ganz genee gelies, well Dir wësst, datt et der ADR um Häerz läit, fir alles ze verhënneren, wouduerch den Niveau vun de Schoulen erofgeet. Mir hunn also der Madamm Hansen nogelauschert a mir hunn d'Motioun gelies.

Mee sou, wéi se formuléiert ass, kënne mer se matdroen. Et muss ee just wëssen, an dofir wëll ech dat hei nach eng Kéier preziséieren, datt déi Interpretatioun, déi mir ginn, vun « à procéder aux adaptations nécessaires », dat heescht fir eis: eng wëssensorientéiert an intensiv Schoulbildung, ewech vum Kompetenzunterrecht, a méi Niveau an eise Schoulen, fir de Kanner besser Zukunftschancen ze erméiglechen. Dat ass eis Interpretatioun vun dësem Text. An an deem Sënn stëmme mer d'Motioun och mat.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser.

Kënne mer à main levée iwwert d'Motioun ofstëmmen?

(Assentiment)

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Hie wollt nach eppes soen!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wie wëllt nach eppes soen?

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Den David Wagner.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Keng Angscht, ech wäert keng länger Ried halen. Mee ech wollt awer och déi Motioun vun der CSV ënnerstëtzen. Mir mengen och, datt déi Motioun an déi richteg Richtung geet. An do steet jo och an den Invitten, datt Retarde vläicht konnte constatéiert gi während der Periode vum Homeschooling. Dat wier natierlech eng Aart a Weis fir ze palliëieren, fir aus där Situatioun dat Beschte ze maachen. Mee mir wëssen all, datt et eendeitig besser ass, datt d'Kanner erëm zréck kënne an d'Schoul goen.

Allerdéngs, wat interessant ka sinn, wat ech och héieren hunn: Während deene Woche vum Homeschooling, do ass awer eppes Positives vläicht hänkeblivven. Dat ass, datt op eemol iwwer e puer Wochen d'Kanner e Cours haten zu zwee oder zu dräi mam Schoulmeeschter oder mat der Schoulmeeschtesch, dat heescht, wou d'Enseignantë sech konnten während deene Coursen esou e bësse méi op d'Kanner konzentréieren. Dat heescht, wat u sech kéint interessant sinn.

Dat ass kee Plädoyer fir den Homeschooling, mee et ass e Plädoyer, fir ëmmer méi Mëttelen ze hunn, fir datt d'Enseignanten och déi Zäit an déi Méiglechkeet hunn an enger normaler Schoul, sech kënne op d'Schüler ze konzentréieren. Dat konnt och relativ positiv Aspekter hunn. An deem Sënn do natierlech!

Mais ceci étant dit, mir wäerten dat natierlech matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner.

Vote sur la motion 1

An dann huelen ech en neien Ulaaf: Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Motioun ass domat eestëmmeg ugehooll.

5. 7591 - Projet de loi portant dérogation aux articles 38, 39 et 68 de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Mir komme lo zum Projet de loi 7591, enger weiderer Ofännerung vum Grondschulgesetz. An ech ginn direkt d'Wuert un den honorabelen Här Gilles Baum, deen eis seet, wou-ranner déi Ofännerung besteet. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Wéinst der Covid-19-Pandemie hat d'Regierung decidéiert, d'Schoulen an d'Betreiungsstrukturen ab dem 16. Mäerz zouzemaachen. Ee Mount méi spët ass decidéiert ginn, d'Schoulen erëm no an no opzemaachen: de 4. Mee fir d'Premiërschüler, den 11. fir de Lycée an de 25. dann endlech och fir déi Kleng aus dem Fondamental.

Deen Dag huet fir d'Grupp A d'Schoul nees ugefaangen. D'Grupp B war an der Betreierung oder doheem; dat heescht, an der Maison relais oder doheem. An an der Mëtt vun der Woch, mëttwochs, ass gewiesselt ginn. A mir schwätzen haut iwwert de Plan de prise en charge en alternance. Dee fonctionéiert vum 25. Mäerz u bis un d'Enn vum Schouljoer.

Et geet am Projet de loi ëm d'Schülerbetreierung am Fondamental also. De Gesetzestext organiséiert déi ofwiesselnd Betreierung vun de Schüler am Fondamental. Dofir mussen d'Artikelen 38 an 39 vum modifizéierte Schoulgesetz vum Februar 2009 ofgeännert ginn. An deem Zesammenhang gëtt awer och d'Responsabilité civile vum Staat a vun der Collectivité publique erweidert op dat ganz Personal, dat während där Zäit mat de Kanner schafft; dat heescht, net nëmmen d'Léierpersonal, mee och d'Leit, déi an de Maison-relais schaffen. Dofir kënn et zu enger Ännerung vum Artikel 68 vum bekannte Schoulgesetz.

D'Zil ass et, den Unterrecht an zwou Gruppen ze organiséieren, soudass den Unterrecht ka garantéiert ginn, awer soudass nëmmen d'Hallschent vun de Kanner am Raum si respektiv am Schoulgebaai sinn an natierlech och nëmmen d'Hallschent vun de Kanner do ope-neentreffen. Dofir brauch een natierlech, fir dat ze organiséieren, vill méi Personal an natierlech och vill méi Raimlechkeeten.

D'Ännerunge si folgend: Et ass e Gesetz mat zwee Artikelen. Den Artikel 1 betrëfft also d'Organisation. A bis de 15. Juli baséiert d'Organisation sech op folgend Prinzippen: D'Schüler sinn agedeelt an den A-Grupp an an de B-Grupp. All Schüler aus dem Cycle 1 bis 4, mat Ausnam vum Precoce, kritt also ofwiesselnd eng Woch Schoul an der Schoul an duerno eng Übungswoch, déi en entweder kann doheem maache respektiv an enger Betreierungsstruktur.

Déi vulnerabel Schüler oder déi Schüler, déi Elteren hunn, déi vulnerabel sinn, dierfe weiderhin den Enseignement à distance weiderféieren. Si mussen awer dofir e Certificat médical liwweren.

Souwuel d'Schoulstonne wéi och d'Surveillance sinn op fënnf Stonne beschränkt. An dat geet vun 8.00 Auer moies bis 13.00 Auer mëttes mat lichte Variatiounen jee nom Schoultransport. An de fakultativen Accueil an der Maison relais no 13.00 Auer gëtt natierlech och ugebueden.

Den zweeten Artikel hält also d'Ännerunge vum Artikel 68 vir, wou et ëm deen ausser-schouleschen Accueil a falls noutwendeg d'Zesummenaarbecht tëschent dem Schoulpersonal an dem Personal aus der Maison relais geet. Et ass esou, dass mer Leit hunn, déi an de Maison-relais schaffen, awer elo am Moment an de Schoulen aushëllefen, genausou wéi mer Léierpersonal hunn, wat an de Maison-relais aushëlleft. An d'Responsabilité, déi festgëluecht ass am Gesetz vum 1. September 1988, gëtt ausgedeeent op alleguerten déi Leit, déi Kanner betreien. An dat bis de 15. Juli.

Voilà! Fir weider Detailer verweisen ech op de Rapport. An ech gi schonn elo den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Georges Mischo agedroen. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Georges Mischo** (CSV).- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kollegen, als éischt mol merci dem Här Baum fir den ausféierleche schrëftlechen, awer och mëndleche Rapport.

Et war eng Erausforderung, fir net ze soen en immens groussen Challenge fir d'Schüler, d'Enseignanten, awer virun allem och fir d'Elteren, déi déi lescht Wochen hu mussen deen doten Challenge meeschteren: de quasi abrupte Lock-down, iwwert den Homeschooling bis hin zur aktueller ongewéinlecher Schoulreentré.

Eng Schoulreentré, wéi et dëst Land bis dato nach net gesinn huet. No bal siwe Wochen Homeschooling an zéng Woche laangem „Bleift doheem!“ sinn d'Dieren am Fondamental den 18. Mee erëm opgaangen ënner engem Zwee-Gruppe-System: deene vill diskutéierten an och a Fro gestallten A- a B-Gruppen.

Op dës Thematik ginn ech dann hei awer net weider an. Sou wéi de Ministère sech dat am Ufank virgestallt hat, konnt et net klappen, virun allem well d'Service-scolairen an d'Léierpersonal all Dag nei Consigné kritt hunn.

Als CSV stëmme mir dëse Gesetzestext mat, mat deem dëse System seng legal Basis kritt, mee ech wëll awer nach eng Umierkung maachen: Och wann elo alles steet an de System um Terrain relativ gutt fonctionéiert, sou muss een awer soen, datt et eng Herkulesaarbecht war, dëst en place gesat ze kréien. Ech hunn et

selwer als Gemengepapp gesinn a matkritt, souwuel an der Logistik wéi och an der Manpower.

Jo, et ass eng ongewéinlech an ongewëss Zäit, déi mer duerchmaachen, mee dat kritt een och dofir just hi mat enger uerdentlecher Kommunikatioun a koordinéiertem Zesummeschaffe vum Ministère an de Gemengeservicer. D'Gemengen, d'Enseignanten a souguer regional Direktiounen goufen zäitgläich mat den Eltere quasi just via Pressekonferenz informéiert.

Krittären, wéi zum Beispill d'Fraternitéit, konnten net agehale ginn. An déi stänneg Ännerunge vun net duerchduechte Mesuren hunn zäitweis zu Inkohärenz bei der Ëmsetzung an zu grousser Planungsunsécherheet gefouert. Datt d'Reprise vun de Coursen am Fondamental net am organisatoreschen Chaos ënnergaang ass, ass dem onermiddlechen Asaz vun den Enseignanten an de Service-scolairen ze verdanken.

Dofir ginn ech heimadder och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi. Mir notzen awer nach eng Kéier d'Geleeënheet, am Numm vun der CSV dem gesamte Schoulpersonal an de Gemengeservicer aus dem ganze Land ausdrécklech Merci ze soe fir hir Aarbecht an hiert Engagement zum Wuel vun eise Kanner.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mischo. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Francine Closener** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si frou, datt d'Regierung bei allen Iwwerleeungen, wéi et an der Schoul da lo soll weidergoen, net op eng kapitalisteschen Approche gaang ass, mee deene gesondheetlechen Aspekter Prioritéit ginn huet.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Francine Closener** (LSAP).- An dat gëtt an dësem Projet de loi natierlech och ganz daitlech, wou et eeben drëms geet, de System vun där Alternance genee festzeleeën.

Natierlech wier et méi einfach gewiescht vun der Organisation hier, vun der Logistik hier, fir d'Schoulen erëm ganz normal ulafen ze loos-sen, an deen een oder deen anere wier domadder bestëmmt och ganz zefridde gewiescht, mee aus gesondheetlecher Siicht hätt dat awer méi e grouse Risiko bedeit. A mat dësem System ass de Risiko ganz einfach just nach hallef sou grouss.

En plus ass et esou, dass d'Kanner och elo ganz genee wëssen, datt se weiderhi solle virsiichteg sinn, datt se wëssen, wéi déi Geste-barrière sinn, wéi dat fonctionéiert, datt ee sech soll d'Hänn wäuschen. A wann d'Schoul erëm einfach normal ugaange wär, wär dat sécher méi verluer gaang.

D'Organisation an A- a B-Gruppe war vill Opwand, dat steet ausser Zweifel. Ëmsou besser ass et jo, dass et och gutt fonctionéiert. A fir dës Systeme en alternance ze organiséieren, sinn, wéi de Rapportier jo prezisiéiert huet, selbstverständlech méi Enseignanten, méi Klassen néideg. Och dat gëtt jo dann hei gereegelt duerch dësse Projet de loi wéi och duerch anerer, déi mer nach an der nächster Woch hei wäerte stëmmen.

Et ass wichteg, datt all Mënsch, deen an der Education intervenéiert, an dëser Zäit déi selwecht Rechter a Flichten huet. Sou ass et och ze begrëissen, datt se alleguer vun der Responsabilité civile vum Staat ofgedeckt sinn.

Här President, d'Zuele vun der Santé si gutt. Et war richteg, virsiichteg ze sinn an op dëse Modell ze setzen. Duerfir ginn ech am Numm vun eiser Fraktioun och den Accord. An och an der Hoffnung, datt d'Rentrée am September sou normal wéi méiglech wäert kënne verlafen.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Closener. An ech ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard** (déi gréng).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, d'Schoulorganisation an A- a B-Gruppen huet de Ministère, d'Enseignanten, d'Elteren, d'Personal aus de Maison-relais, mee awer virun allem d'Gemengen an awer och d'Kanner virun eng grouss Erausforderung gestallt. D'Capacitéiten u Personal, u Raimlechkeeten an u Méiglechkeete si maximal ausgeschöpft ginn. An esou munch ee Schoulverantwortlechen huet laang Deeg a kuerz Nuechte verbruecht mat



der Organisatioun vun där ganzer neier Organisatioun.

Wéi den Deconfinement an der Schoul am Abrëll fir d'éischte Kéier duerchgespillt gouf, war et eng Navigatioun à vue. Kee wousst, wéi d'Situatioun sech géif entwéckelen. An deemools waren d'Stémme vun „zouloosse bis an de September eran“ bis zu „opmaache“ present.

Dat Wichtigst ass awer, dass mer d'Schoul erëm opgemaach hunn an d'sanitär Moossname berücksichtegen am Sënn vun der Gesondheet vun eise Kanner a Jonken an natierlech awer och den Enseignanten. An dat Wichtigst ass virun allem awer, dass mer eis gemeinsam agesat hunn, fir dass dat dote méiglech ginn ass, dass nieft der Schoul och dat nonformaalt Léieren an de Maison-relais seng Plaz hat. An déi Zesummenaarbecht tëscht béiden Entitéiten ass ëmsou méi wichteg gewiescht bei dësem Deconfinement an der Schoul.

Gradesou reibungslos geklappt huet natierlech och eisen Austausch an der Educationskommissioun. An deem Sënn e grouse Merci fir déi interessant Diskussiounen. An natierlech och un de President vun der Educationskommissioun, den Här Gilles Baum, deen en exzellente schréftleche wéi mündleche Rapport hei ginn huet.

An an deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools Madamm Bernard. An da geet d'Wuert direkt un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass e ganz wichtige Projet, dat heien. An ech wëllt ufänken, wéi ech et d'leschte Kéier och scho kuerz ugedeit hunn, a soen, dass d'ADR déi Méiglechkeeten anescht gesinn hätt, fir de Schoulbetrib an der Kris virunzeféieren.

Mir hunn eis kloer derfir ausgeschwat, fir de Leit de Choix ze loosse, ob den Homeschooling sollt ënnert der Uleedung vun engem qualifizéierte Léierpersonal virugeféiert ginn oder ob se d'Méiglechkeet hunn, fir zréck an eng Schoul ze kommen. An da wäer jo och vill manner Kanner an de Schoule gewiescht. An et wär vill méi einfach gewiescht, fir Personal a Plaz ze fannen, fir dat dann esou ze organiséieren.

Et ass e bëssen op ville Plazen eng chaotesch Situatioun gewiescht. An et kann een och wierklech nëmmen de Gemengen an och dem Léierpersonal selbstverständlech an all deene Leit, déi sech esou ugestrengt hunn an deene leschte Méint, villmools Merci soe fir dat, wat se geleescht hunn.

Dat Gesetz ass a villerlei Hisiicht net normativ genuch oder déi Dispositiounen, déi geholl goufen, well eng Onsécherheet war: Wéi wäit kënnen d'Kanner ausernee sinn oder musse se ausernee sinn? Wéi grouss ass wierklech de sanitäre Risiko fir d'Kanner?

D'Experten hu sech gestridden um Radio, well eigentlech ... An internationalen Etüde koum et zu ënnerschiddleche Resultater. Kee weess eppes Genees haut! Nach ëmmer net! An et ass dofir e bëssen eng Navigatioun à vue. A wa mer op dee Wee gaange wäeren, dee mir proposéiert hunn, da wär natierlech och de sanitäre Risiko méi kleng gewiescht.

Elo wësse mer net, wéi et virugeet. Den Här Minister huet ugedeit, dass mer elo vläicht déi Klassenopdeeling an A- a B-Gruppen erëm kënnen fale loosse. Mir wëssen net, wéi d'Rentrée am September elo organiséiert gëtt. Och doriwwer musse mer geschwé schwätzen, fir dass mer eis do weinstens kënnen matzäit drop virbereeden an d'Schoulkonditiounen sou gutt wéi méiglech virbereeden an organiséieren.

Mee och dëst Gesetz ass e bëssen e Spigelbild vu ville chaoteschen Zoustänn, déi mer an deene leschte Woche kann hunn. Ech wëll just dräi Beispiller hei eraushiewen.

De Punkt 1 (6) (ndlr: 1 (5) am gestëmmté Projet) zum Beispill. Do steet: « Les études surveillées sont assurées par le personnel intervenant de l'école, lequel peut, selon les besoins, être assisté par le personnel éducatif de la structure d'éducation et d'accueil. »

Dat klénge jo gutt, mee mir hu sou vill Leit do rekrutéiert a leschter Zäit. Leit, déi zum Deel keng Qualifikatiounen haten am pedagogesche Beräich, mat enger Première. Déi kënnen da lo do ënnerstëtzen. Mir wëssen net genee, wat se ënnerstëtzen. Mir wëssen net genee, awéiwäit se kënnen am Schoulbetrib mat agraifen. Alles dat ass net kloer!

Mir kréien nach Diskussiounen mat engem anere Projet, dee mer elo geschwé wäerten hei hunn, de 7579, dass mer d'Leit ënner verschiddene

Statuten aféieren. Déi eng bei private Patronen a Structures d'éducation et d'accueil, déi aner net bei privaten. Déi eng hunn eng Steuerbefreiung, déi aner net.

Alles dat spillt do mat eran. A mir wësse schlussendlech net, wien a wéini, ënner wéi engem Statut wou intervenéiert. Alles dat ass onsécher! Et ass onkloer. Et ass net transparent.

Den Här Baum wénkt Nee. Ma da wäert en eis dat genau erklären, wa mer de 7579 hei diskutéieren elo. Da kréie mer d'Geleeënheet, doriwwer nozedenken.

Dann en anert Beispill. Et ass eng Exemptioun am Gesetz vun der Schoulorganisatioun vum 6. Februar 2009 an deem Sënn, dass den Artikel 38 do - ech zitieren och hei -, normalerweis gëtt do och an de Gemengen iwwert de Contingent diskutéiert. Et heescht hei: « [...] des leçons attribuées pour répondre à des besoins en relation avec la composition socio-économique [...] », an esou weider.

Dat heescht, do gëtt eigentlech iwwert d'Zuel vun de Léierpersounen geschwat, déi néideg sinn, eeben och just fir sozial oder sozioeducativ Schwächte kënnen auszegläichen. Dat ass elo ausser Kraaft.

Et gëtt op deenen allermeeschte Plaze keen Appui méi. Et gëtt keng Cours d'accueils fir d'Primo-arrivants. Alles dat ass, wann et nach do ass, héchstens nach embryonnaire. Mee am grouse Ganze feelen déi Saachen. Dat heescht, u sech ass déi Rentrée, déi eis verkaaft gouf als eng Mesure vun der sozialer Gerechtgeket, fir keen op der Streck ze loosse, vun engem Recht op Bildung, awer an der Realitéit eng Reduzéierung vu Méiglechkeeten fir vill Kanner, fir Ennerstëtzung an de Schoulen ze fannen! Et ass also den Effet contraire!

Da muss een och kucken - do ass nach eng drëtt Saach, déi ech an deem Kontext wollt opwerfen - mam Homeschooling, do huet den Här Minister erkläert gehat, dass vill Kanner net ze erreche wäeren. An et wär eng vun deene wichtige Argumentatiounen, fir déi Neesrentrée hei elo ze maachen, dass eebe verschidde Kanner net ze erreche wäeren, am Ufank méi wéi zum Schluss. Mee de Faktum bleift.

Do wollt ech just awer drun erënneren, dass och d'Schoulesetz do eng kloer Sprooch schwätzt. Nämlech no Artikel 14, dass d'Elteren d'Obligatioun hu fir hir mannerjäreg Kanner, dass déi an der Verantwortung stinn, dass d'Kanner an d'Schoul ginn. A wa Kanner net errechbar sinn, da froen ech mech awer ... Da soll den Här Minister eis emol erklären: Ass dann do d'Veantwortung vun den Eltere vum Staat eescht geholl ginn? Wat ass da gemaach ginn? Well d'Eltere sti jo an der Verantwortung, dass d'Kanner an d'Schoul ginn.

Mir sinn an der Tëschenzäit gewuer ginn, opgrond vu verschiddenen Émstänn, dass vill Leit am Ausland waren. Wéi ass dat méiglech?! Wousst d'Education dat dann net? Hutt Der dann net probéiert ... Hutt Der net erausfonnt, dass Eltere mat hire Kanner an d'Ausland waren an doduerch zum Deel net konnten errecht ginn?

Wann ech also dee Projet hei wëll resüméieren, da muss ech soen: En ass e Spigelbild vun enger zimmlech chaotescher Organisatioun vun enger Neesrentrée. E soll eis eng Warnung sinn! E soll eis kloer soen, dass dat, wat elo kënnt an deenen nächste Méint, an haaptsächlech d'Rentrée am September, muss laangfristeg previsibel, kohärent, logesch organiséiert ginn, fir dass mer d'Scolaritéit vun de Kanner sou gutt wéi méiglech kënnen virbereeden!

Dat wor elo net de Fall! Et wor zum Deel, wéi ech gesot hunn, en Effet contraire hei errecht ginn, dass manner Ennerstëtzung fir verschidde Kanner, a besonnesch bei deenen, déi et vläicht am meeschte gebraucht hätten, konnt erméiglech ginn.

Mir wäerten eis als ADR bei dësem Projet aus genau deene Grënn enthalen, well mer en anere Modell wollten, well mer d'Fräiwëllegkeet wollten. E reelle Choix fir d'Elteren, am Interessi vun de Kanner an am Interessi vun der Qualitéit och vun hirem schoulesche Wee.

Jo, déi Schwaach, déi brauchen Ennerstëtzung. Déi, déi doheem net kënnen den Homeschooling maachen, brauchen Ennerstëtzung. An déi hätte mer jo och kënnen opfänken an de Schoulen an aneren, a bessere Konditiounen, wéi dat elo konnt gemaach ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Lo muss ech mech eng Kéier kuerz erblosen, well wann ech dat doten alles héieren hunn, da sinn ech frou, dass ech nach nom Här

Kartheiser erauskommen, fir awer kloerzemaachen, dass mir anerer Meenung sinn.

Et ass kloer, dass d'Kanner d'Schoul vermësst hunn. Et ass kloer, dass d'Kanner hir Kolleginnen a Kollegen an der Schoul vermësst hunn, dass d'Kanner de sozialen Echange an der Schoul vermësst hunn.

Wie sech déi éischt Deeg mam Léierpersonal ënnerhalen huet, jo, deen huet héieren, dass villen net direkt esou geklappt huet, wéi et sollt, dass iwwerall e bësse Quacke waren, dass iwwerall déi eng oder aner Saach schifgaangen ass. Ech mengen, de Georges Mischo huet dat virdru gesot: Et war eppes, wat séier huet musse goen. Et war eppes, wat net onbedéngt vum éischten Dag un zu 100 % funktionéiert huet.

An och haut nach verlaangen déi A- a B-Woche vum Léierpersonal en aussergewéinlechen Effort, deen an normale Schaffwochen u sech net geleescht gëtt. Et ass en Effort, fir engersäits de Kanner eppes bäizebréngen, déi do sinn, anersäits d'Kanner ze ënnerstëtzen, déi dat nimmlech oder dat vu leschter Woch doheem sollen opschaffen.

Et ass sécherlech net einfach, ënnert deene Bedéngunge Schoul ze halen! An et ass och net einfach, ënnert deene Bedéngungen an d'Schoul ze goen. Dat stellt keen a Fro. Et ass genausou, wéi et och am Aarbechtsliwen net fir jiddwereen einfach ass, sech de geännerte Konditiounen, déi mer duerch d'Kris haten an hunn, unzepasst.

Mir Piraten sinn der Meenung, dass et richtig war, dass d'Kanner erëm an d'Schoul gaange sinn, dass et richtig war, dass d'Kanner erëm de Kontakt mam Léierpersonal haten. Iwwert déi genau Datumer, wéini dat geschitt ass, iwwert déi genau Mesuren, wéi dat geschitt ass, kann ee sech elo ganz gutt a ganz laang streiden. Ech mengen, do gëtt et esou vill Meenungen, wéi et Acteuren am Schoulweise gëtt. An och dat ass eppes, wat, mengen ech, net ongewinnt ass, wann et ëm d'Schoul geet.

Wat awer hei wichteg ass, ass, dass mer dee System, deen elo leeft, déi nächst Wochen net nach eng Kéier op d'Kopp stellen. Et ass wichtig, dass mer dee System, wou mer eis elo iwwert déi lescht Wochen erageschafft hunn, net mam Ophale vum État de crise einfach nach eng Kéier op d'Kopp werfen an dann nach eng Kéier vu vir ufänken. Deementsprechend ass deen heite Projet de loi jo einfach nëmmen d'Weiderféiere vun deem, wat bis elo an der Schoul gemaach gouf. An ech mengen, deementsprechend gëtt et och kee Grond, fir haut dergéint ze sinn.

Et gëtt e Grond, fir verschidde Mesuren dovunner ze kritiséieren. Dat hu mer gemaach, wéi se agefouert goufen, an ech kéint elo nach eng Kéier 20 Minutten doriwwer referéieren. Mee Fakt ass: Dat géif näischt änneren. Fakt ass: Et bréngt eis elo just weider, wa mer de Kanner an dem Léierpersonal déi néideg Rou ginn, fir d'Schouljoer gutt op en Enn ze bréngen.

Dofir wäerte mir dëse Projet och matstëmmen.

► **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationminister Claude Meisch, wannechgelift.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci och dem Rapporteur an all de Riedner hei. Den 13. März vun dësem Joer hu mer annoncéiert, dass ab deem Dag fir eng ongewësen Durée vu Woche keng Schoul méi wär, dass dat dee leschten Dag Schoul wär. An de 16. Abrëll hu mer decidéiert, dass mer d'Schoul erëm wëilten opmaachen, d'Grondschoul wëilten opmaache mat engem A-/B-Modell mat halbéierte Klassen, fir Ofstänn ze garantéieren, fir no deenen dee Moment gegebene sanitäre Kaderen iergendwéi, ënner iergendenger Form d'Schoul erëm kënnen opzekréien, an dat mam Datum op de 25. Mee.

Mir stelle fest, dass dat, wat mer annoncéiert hunn, den A-/B-Modell, dass deen haut funktionéiert. Hei gëtt souguer gesot, et sollt wannechgelift elo emol bis de 15. Juli weider esou funktionéieren, fir dass et op d'mannst dat an deene restriktive Konditiounen ka leeschten, wat d'Schoul soll leeschten: nämlech, dass mer eng Equitéit hunn, dass mer all Kand déi selwecht Bildung kënnen offéieren an all Kand déi selwecht Bildungschancë kënnen garantéieren.

Vum 13. März bis de 25. Mee a bis haut, den 11. Juni, wësse mer natierlech scho vill méi iwwert de Covid-19: wéi e sech verhält, wéi e sech verbreet an der Gesellschaft, wéi e seng Auswierkungen huet bei Kanner, wéi en iwwer

Schoulen a Betreuungsstrukture verbreet gëtt. A mat all Dag, dee vergeet, wësse mer nach emol méi. An duerfir, denken ech, war et richtig, dass mer am Laf vun deene leschte Wochen eng gewësse Flexibilitéit un den Dag geluecht hunn, fir eis deenen neien Erkenntnisser ëmmer nees unzepasst. An duerfir solle mer och domadder net ophalen.

Duerfir war et och besonnesch wichteg, dass mer grad déi Rentrée hei am Fundamental, aneschtens wéi dee Moment, wéi d'Primaner zréck an d'Schoul komm sinn, aneschtens wéi beim Lycée, dee jo éischter ugefaangen huet, dass mer dat zesumme gemaach hunn: zesummen tëschent de staatleche Strukturen, zesumme mat de Gemengen, zesumme mat den Träger vun de Maison-relais. A mir hu sécherlech och déi eng oder déi aner Prezisioun, do si mer zréckkomm, hunn eis och emol nach eng Kéier neiorientéiert, hunn emol nach eng Kéier dat eent an dat aner nei ausgeriicht, well mer dat zesumme wollte maachen, well mer gesinn hunn, jo, wat och bei deenen anere Partner geet a wat vläicht do net geet. Wat ass gewollt? A wat ass net gewollt? An deementsprechend hu mer gekuckt, d'Enner beieneenzekréien.

A mir haten eigentlech ... An dat gëtt net grad dat Bild erëm, wat och heiansdo hei gezechent ginn ass respektiv och a villen effentleche Commentaire gezechent gouf, nämlech dass hei, jo, jiddereen e bësse fir sech geschafft hätt. Mat enormem Engagement ass zesumme gekuckt ginn, déi Rentrée do ze preparéieren. An et huet jiddereen de Maximum vu senger Säit eigentlech gemaach, fir dass ze errechen, an dat sécherlech och vu staatlecher Säit: Wann ech nëmmen un déi Onmenge vu Material denken, dass mer probéiert hunn ze mobiliséieren, ze verdeelen, bei d'Gemengen a bei d'Schoulen ze kréien, wat net onbedéngt eis primär Aufgab gewiescht wär.

Wann ech kucken, dass mer de Gemenge gehollef hunn, zousätzlech Personal ze fannen, och fir d'Betreuungsstrukturen, fir déi esou ze ressourcéieren, dass mer do kënnen rouege Gewëssens soen: „Jo, dat doten, dat fonctionéiert.“ Bis hin, dass ech och déi eng oder déi aner Kéier zu Beamten um Ministère gesot hunn: „Hei, fuer mol an déi dote Gemeng a kuck mat de Leit, ob mer et wierklech hikréien a wéi mer eis Experienz och nach eng Kéier an den Déngscht vun där doter Gemeng kënnen stellen.“ An ech denken, den Här Mischo weess bestëmmt hei, vu wat ech schwätzen.

Ech wëll duerfir nach eng Kéier e ganz, ganz grouse Merci soen all deenen Acteuren, déi um Terrain assuréiert hunn, dass déi Rentrée hei gutt geklappt huet. An och zanter där Rentrée, dass et gutt weidergelaft ass. Et war - an de President vum Syvicol, den Emile Eicher, huet et gesot - eng Herkulesaufgab! Mir hu se ugehall. An ech mengen, mir hu se zesumme reuséiert.

An et war och derwäert, déi Aufgab do unzehuelen an all déi Efforten ze maachen, fir d'Schoul nämlech nees opzekréien, fir d'Schüler an d'Schoul ze kréien, an dat op eng Manéier, wou mer awer och jidderengem konnte Vertraue maachen: de Schüler, den Elteren an och den Enseignanten, dass se sécher sinn an der Schoul. Well dat war jo dee Moment, wéi mer de 16. Abrëll ugekënnegt hunn, d'Schoul nees opzemaachen, alles aneschtens wéi sécher. A mir erënneren eis nach un déi éischt Gefiller am Bauch vu ganz ville Leit an déi éischt Reaktiounen, déi se haten, wéi mer gesot hunn: „Jo, mir maachen elo emol d'Schoulen nees op.“

An duerfir war et och wichteg, dee System do esou opzestellen, fir dass mer garantéieren, dass kee krank gëtt an der Schoul, weeder vun de Kanner nach vun den Enseignanten, an dass mer de Virus iwwert d'Schoulen net erëm an d'ganz Gesellschaft géife verbreed. An déi Resultater, déi mer hunn, och um Plang vun der Epidemie, déi weise jo, dass dat op jidde Fall net de Fall war an dass mer do gemeinsam och reusséiert hunn.

Trotzdeem, denken ech, sollte mer, sou wéi mer et an deene leschte Woche gemaach hunn, och weiderhin ofweien: ofweien, ob dee Modell, dee mer elo do hunn, ob dat nach ëmmer dee richtigen ass, sécherlech ofweien, an dat hunn ech ganz fréi gesot, am Hibleck op d'Rentrée am September, mee och nach ofweien elo virun der grousser Vakanz fir ze kucken, ob mer dat elo esou duerchzéie bis de 15. Juli oder ob mer net awer nach déi eng oder déi aner Adaptatioun kënnen maachen.



An duerfir wollt ech Enn vun dëser Woch a bis an déi nächst Woch era ganz vill Acteuren och consultéieren: Acteuren, mat deene mer dat do zesumme gemaach hunn, an aner Acteuren, och vum wëssenschaftleche Beräich, fir ze kucken, ob et net awer mëttlerweil nach nei Erkenntnisser gëtt, déi eis nei Méiglechkeete géife ginn, nämlech nach eng Kéier méi Schoulstonnen ze assuréiere fir all Kand. Well dorëms geet et finalement, well all Stonn huet do hire Wäert. An all Dag, wou d’Kand an d’Schoul ka kommen, ass vu Bedeitung.

Ech wëll awer och hei nach eng Kéier soen, datt et sécherlech net esou ka sinn, datt mer nach eng Kéier dee selwechten administrativen an organisatoreschen Opwand elo maachen, fir en anere Modell ze maachen, an datt mer eis awer dovunner guidéiere loossen, datt, wa mer et einfach kënne maachen, mer dat da maachen. A wann et och net ze maache wär, well et net am Interessi vun de Kanner, am Interessi vun der Schoul ass, an och well mer eis soss d’Auer géifen do brieden, da wäerte mer et och net maachen. Ech sinn do relativ oppen doranner. An ech denken awer, datt dat eent oder dat anert nach ka goen. A mir wäerten duerfir kucken, datt mer Enn nächster Woch eventuell kommunikéieren, wéi et da mat dësem Modell ka weidergoen.

Ech soen awer elo hei Merci fir déi Zoustëmmung, déi mer hei kréien, déi elo emol bis op Weideres dat, wat mer iwwert den État d’urgence en place gesat hunn, wäert perenniséieren an domadder assuréieren, datt dee Modell, deen elo emol gutt fonctionéiert, ka weiderfunktionéieren.

Villmools merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Educationnsminister Claude Meisch. D’Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7591. Den Text steet am Document parlementaire 7591³. Mir huele fir d’éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7591 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un.

Wien e Vote par procuration wëllt maachen, soll d’Hand an d’Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Mat 55 Jo-Stëmmen ass de Projet ugeholl, bei 4 Abstentiounen an 1 Nee-Stëmm.

► **Une voix.** - Här President!

(Interruption)

► **La même voix.** - Den Nee ass e Jo.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Okay. Dat heescht, dann ass de Projet de loi mat 56 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7592 - Projet de loi portant dérogation à l’article 33 de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle

De virleschte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7592, eng temporaire Ofännerung vun der Reform iwwert d’Beruffsausbildung. Et hu sech schonn ageschriwwen: d’Madamm Martine Hansen, d’Madamm Francine Closener, d’Madamm Djuna Bernard, den Här Fernand Kartheiser an den Här Sven Clement. An ech ginn nach eng Kéier d’Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den Här Gilles Baum.

Här Baum, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance, de la Jeunesse, de l’Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Et ass mer eng kleng passéiert, wéi ech d’Ried de Moien nach eng Kéier iwwerschaft hunn: Ech hunn effektiv vergiess, se a grouse Buschtawen erauszedrücken. Et gëtt elo eng Ustrengung fir d’Pupillen, dat hei. Mee ech halen dann de Pabeier déi Kéier am Grapp.

An dësem Gesetzesprojet geet et ëm temporaire Ännerungen an der Beruffsausbildung. Duerch déi sanitär Kris muss den Artikel 33 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d’Reform vun der Beruffsausbildung, wat d’Evaluation vun de Kompetenzen an de Modülle betrëfft, ugepasst gi bis de Schluss vum Schouljoer.

D’Konsequenz fir d’Beruffsausbildung sinn net nëmmen d’Aussetze vun de Coursen, mee och d’Stoppe vun de Stagen an de Beruffsléieren. Et wär also domat ze rechnen, dass et Fäll géif ginn, wou keng richteg Evaluation vun de Kompetenzen kéint stattfannen. Dat kann eng Kompetenz vun engem Modüll sinn, dat kann awer och alt emol e ganze Modüll sinn. Fir dass d’Schüler an d’Léiermeedercher an d’Léierbouwen am September hir Ausbildung weiderféiere kënnen, muss awer um Enn vum zweete Semester eng Evaluation gemaach ginn.

E Stage, deen ënnerbrach ginn ass, oder eng Léier, déi net ofgeschloss konnt ginn, däerf net dozou féieren, dass e Schüler oder e Léierbouf net ugeholl gëtt fir d’Rentrée am September. Dat wär, mengen ech, fir eis alleguerten heibannen inakzeptabel, an dofir mussen hei e puer Dispensen agefouert ginn.

De folgende Gesetzesprojet ass noutwendeg, well déi geplangten Ännerungen iwwert den Delai vum Krisenzoustand eraus wäerte goen. All d’Ännerunge sinn zesumme mat de Lycéesdirektoren an de Beruffschamberen ausgeschafft ginn, an och d’Équipes curriculaires ware mat dobäi fir ze soen, dass ee sech elo fir de Rescht vum Schouljoer sollt op dat Essentiell konzentréieren. Et geet schliisslech drëm, dass kee Schüler, keen Apprenti, kee Stagiaire duerch d’Kris vum Coronavirus a senger Ausbildung benodelegt gëtt. An dofir setze mir natierlech alles drun, dass se kënnen e propperen Ofschluss vum Schouljoer a vum Léierjoer maachen.

Déi follgend Ännerunge beschränke sech natierlech op d’Schouljoer 2019/2020. Et geet drëm, déi vill negativ Konsequenzen, déi dës Kris op eis Schüler, Apprentien a Stagiaire huet, riichtzebéien. Den Artikel 1 hält verschiden Ännerunge vum Artikel 33 vir. Konkreet soll a ka keng Nott vergi gi fir eng Kompetenz oder e Modüll, déi an dësem Joer net gemaach gi sinn. An dofir soll et eng Dispens ginn.

Den Artikel 2 ännert dee selwechten Artikel fir Modülle mat evaluéierte Kompetenzen an net evaluéierte Kompetenzen. Do gesäit de Gesetzestext eng Rechnung mat enger Règle de trois vir. Als Éischt gëtt d’Zomm vun den evaluéierte Kompetenze gerechent. Duerno gëtt déi Zomm duerch déi maximal Punktzuel gedeelt.

An zu gudder Lescht gëtt dat Resultat mat 60 multipliziéiert, fir eng Nummer ze kréien, déi op 60 erausleeft. Huet een doriwwer méi wéi 30, dann ass dat natierlech eng Reussite an déi Kompetenzen an déi Modülle si gepackt.

Den drëtten Artikel gëtt dem Klasserot d’Méiglechkeet, een oder méi Modüllen ze dispenséieren, eng Dispens ze ginn, wann eng Evaluation effektiv net konnt stattfanne wéinst der Kris.

An den Artikel 4 preziséiert, dass déi dräi éischt Artikelen vum Gesetzestext sech op d’Modüllen aus der Schoul an aus der Beruffsausbildung bezieen.

Fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Ech wëllt awer eng Erklärung nach ginn iwwer eng Diskussioun, déi mer am Kader vun der Schoulkommissioun haten, eebe grad wat déi Dispensen hei ugaangen ass. An d’Fro, déi sech stellt ginn ass, ass, ob de Conseil de classe kann eng Dispens ginn. An ech referéiere mech do op d’Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d’Organisation vun de Lycéeën, den Artikel 20, wat de Conseil de classe ugeet, wou dra-steet: « Le conseil de classe a notamment les attributions suivantes : », ech ziele se net all op, « il décide de la promotion des élèves ». Ech géif dat awer effektiv an dëser Situatioun, déi awer dach speziell ass, esou interpretéieren, dass de Conseil de classe och hei kann Dispense fir déi eng oder aner Kompetenz respektiv Modüllen aussprechen.

Dat wär et fir dës Projet de loi. An ech ginn heimadder och d’Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen age-droen. Madamm Hansen, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President, an och nach eng Kéier merci dem Rapporteur fir säin ausféierleche Rapport. An och bei dësem Projet de loi misst gëllen, datt kee Student däerf Nodeeler hunn opgrond vun der Coronakris.

De Projet de loi besteet aus dräi Artikelen u sech - mat Inhalt -, ech soen elo emol dräi Artikelen. Deen éischten Artikel beseet: Wann d’Kompetenzen net konnten evaluéiert ginn, da kréien d’Kompetenze keng Nott. Dat schéngt eis logesch ze sinn. Mat deem Artikel si mer och averstanen.

Da ginn ech emol direkt bei deen drëtten Artikel. Och dee schéngt eis zimmlech logesch ze sinn. Well wann ee Modul net konnt gehale ginn, da gëtt dee Modul och net evaluéiert. Dat schéngt eis logesch ze sinn. An en faveur vum Kandidat gëtt dann am Prinzip virgesinn, datt dee Modul „réussi par dispense“ ass.

Domadder kënne mer och liewen, dat ass och an der Rei, et soll eebe kee Student en Nodeel hunn. Allerdéngs muss awer an eisen Ae séchergestallt ginn, an dorobber weist och d’Chambre des Métiers hin, datt déi Elementer, Kompetenzen, déi definitiv absolutt noutwendeg si fir ee Beruff, datt déi awer iergendwann eng Kéier behandelt gi während der Schoulausbildung, och wa se elo während dësem Modul net konnte behandelt ginn.

An dofir direkt zwou Froen un den Här Minister: Kann een dat garantéiere fir u sech alleguer d’Ausbildungen, déi mer hunn, an an deem Sënn och schonn d’Programmupassunge fir déi follgend Jore virgesinn?

Da kommen ech awer bei deen zweeten Artikel. An deen Artikel seet am Prinzip: Wann an engem Modul verschidde Kompetenzen evaluéiert ginn, da kréien déi eng Nott. A wa verschidde Kompetenzen net evaluéiert ginn, da kréien déi keng Nott. An da gëtt, sou wéi den Här Baum gesot huet, eng Reegel-de-tri ge-

maach an da gëtt op 60 héichgerechent. Prinzipiell kënne mer och domadder averstane sinn.

Mee sou wéi den Artikel geschriwwen ass, ass et méiglech, datt, wann ee Modul ... Huele mer emol un, en hätt siwe Kompetenzen, fënef vun deene siwe Kompetenze géife jeeweils mat 10 Punkte bewäert ginn, da wär ech op 50 Punkten, an ech hätt nach zwou méi kleng Kompetenzen, déi jeeweils mat 5 Punkte géife bewäert ginn, da kéim ech herno och op déi 60. Wann awer elo duerch d’Covidkris just eng vun deene siwe Kompetenzen hätt kënnen evaluéiert ginn an dat wär och nach nëmmen eng kleng gewiescht, vun deene 5 Punkten, an de Schüler, deen hätt dat eeben esou gesinn, wéi een dat heiansdo gesäit: „Déi 5 Punkten, dat ass jo net vill vu 60“, deen hätt dat net esou ganz seriö geholl an en hätt definitiv eng Nott vun 1 vu 5 kritt. Wann ech dëst Gesetz elo applizéieren, da kritt dee Schüler 12 Punkte vu 60, an dat obschonns eeben nëmme 5 Punkte vun deene 60 u sech evaluéiert gi sinn. An dat kann an eisen Aen net sinn. Dat ass definitiv dann en Nodeel fir dës Schüler. An hei bräichte mer Kloerheet, datt esou eng Bewäertung net däerft méiglech sinn.

Ech hat dat och an der Kommissioun gefrot. Den Här Baum ass drop agaangen. Ech hat du gesot kritt schonn, de Conseil de classe kéint dat decidéieren. Ech hat dunn och gefrot, wou dat stéing, well dat stéing net esou am Text. Dunn hunn ech eebe gesot kritt, ech kritt nach eng Antwort. A gëschter Owend hunn ech dunn och e Mail kritt, do gëtt dann nach eng Kéier op den Artikel 20 vum Gesetz iwwert d’Organisation vun de Lycéeën higewisen, wou dann eeben dra-steet, datt de Conseil de classe kann iwwert d’Promotioun deliberéieren. Mee hien decidéiert awer net iwwer eng Nott! An hei ass et d’Nott vum Modul. An dunn hunn ech d’Gesetz iwwert d’Formation professionnelle gekuckt. Do steet och, d’Nott gëtt vum Enseignant festgehalten an en Enseignant zertifizéiert d’Nott nach eng Kéier vum Modul.

Ben, wann ech dat elo nach ganz large wëllt interpretéieren, da géif ech och nach soen: „D’Méiglechkeet besteet eventuell, datt de Conseil de classe kéint, wann en dat wëllt, decidéieren, datt de Schüler hei kéint eng Dispens kréien.“ Dat hunn ech awer ... Ech mengen, de Gilles Baum huet mer de Moien nach eng Kéier e Mail geschéckt, wéi et dann tatsächlech an der Praxis ausgesäit. A wann ech dee Mail liesen, da kann ech awer net averstane sinn. Well hei steet dran, wéi et an der Praxis gemaach gëtt, datt et héichgerechent gëtt mat der Reegel-de-tri. An da steet awer do: „De Conseil de classe huet nach ëmmer d’Méiglechkeet, eng Dispens auszuschwätzen, wann dat situatiounsbedéngt op dee Schüler besser passt.“

Mee wat heescht dat, „hien huet d’Méiglechkeet“ a „wann dat situatiounsbedéngt besser passt“? Dat ass fir mech, oder fir eis, absolutt net kloer! Mir bräichten hei Kloerheet, datt an deem dote Fall en faveur vum Kandidat dee Modul net kéint berechent ginn. An dofir wäerte mir eis bei dësem Projet de loi enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen. Dann ass den nächste Riedner déi honorabel Madamm Francine Closener.

► **Mme Francine Closener (LSAP).** - Villmools merci, Här President. Wéi de Rapporteur et scho ganz pertinent beschriwwen huet, musse wéinst der Pandemie och bei der Formation professionnelle also Upassunge virgeholl ginn. Modüller, verschiddener, a souguer och Stagë konnten eebe wéinst dem Lockdown a senge Suiten net duerchgefouert an evaluéiert ginn. Et ass awer evident, datt een elo net kann einfach d’Schüler dozou forcéieren dës Joer, déi verpassten Elementer nozehuelen.

Duerfir gesäit dës Projet effektiv vir, fir mat Dispensen ze schaffen. Natierlech ass dat net optimal. Grad an der Beruffsausbildung kann all Léierstonn, all Erfahrung, déi ee mat op de Wee kritt, vun enormer Bedeitung sinn. Duerfir muss effektiv gekuckt ginn, wéi am Laf vum nächste Joer oder am Laf vun den nächste Jore sou Elementer nach vläicht kënnen opgefaange ginn. Mee well d’Apprentien awer mat enger Nott aus dësem Schouljoer musse kënnen erausgoen, menge mer, dass déi Léisung, déi dës Projet hei virgesäit fir d’Berechnung vun deem Ausbildungsjoer, eng gutt Léisung ass, dass och am Interêt vun all Schüler an all Schoul gehandelt gëtt.

An an deem Sënn ginn ech dann och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Closener. An ech ginn d’Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Djuna Bernard.